

# LIEWENSLAF LUC FRIEDEN



Gebuer zu Esch-Uelzecht, ass de Luc Frieden fir d'éischt do an d'Primärschoul an an de Jongelycée gaangen. Mat 16 Joer ass hie mat senger Famill an d'Stad geplënnert an huet am Kolléisch seng Première gemaach. Droit, Politik an international Relatiounen hunn hie schonn deemools begeeschtert a sou huet de Luc dunn Droit op den Universitéte vu Paräis-Sorbonne, Cambridge an Harvard studéiert. Vun 1989 un huet hien als Affekot geschafft.

1994, mat 30 Joer, ass hien fir d'éischt an d'Chamber gewielt ginn a 4 Joer duerno huet de Jean-Claude Juncker hien zum Justiz- a Budgetminister ernannt. Vun 1998-2013 war de Luc Frieden a verschiddene CSV-DP an CSV-LSAP Regierungen Justiz-, Arméi-, Police- a Finanzminister. Als Justizminister huet hie wichteg Reforme fir eist Zesummeliewe wéi de PACS an d'duebel Nationalitéit ageféiert. Als Tresor- a Finanzminister war hien och zoustänneg während laange Joren fir den erfollegräichen Ausbau vun eiser Finanzplaz. Mat senger decisiver Roll an der Finanzkris 2008 huet hien Dausende Leit a Betriber hir Erspuerisser gerett an domat eng grouss sozial a wirtschaftlech Katastroph an eise Land evitéiert.

No senger Regierungszäit ass de Luc Frieden fir d'éischt op London schaffe gaangen, éier en zeréck op Lëtzebuerg koum fir énnert anerem President vun enger grousser Lëtzebuurger Bank ze ginn. Vun 2019 war hien och President vun der Lëtzebuurger Chambre de Commerce wou hie mat der Industrie a ville klengen- a mëttle Betriber enk zesumme geschafft huet. D'lescht Joer gouf hien och President vun Eurochambres, dem europäeschen Daachverband vun den Chambres de Commerce et d'Industrie. Hien huet donieft erëm als Affekot geschafft. Des Funktiounen huet hien all dëst Joer niddergeluecht, wéi en nationale Spëtzekandidat vun der CSV ginn ass.

De Luc Frieden ass bestuet an huet zwee Kanner. Seng Fräizäit verbréngt de Luc mat gudde Frënn a senger Famill esou wéi mat hiking, Vëlo a Schifueren.

